N° 6844
Entrée le 14.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.09.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. September 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der Press gëtt de 24. Abrëll de PNED (plateforme d'échange de données nationale) annoncéiert, an zwar als wirtschaftlechen Interesseverband. Dës Plattform offréiert Zerwisser zu Lëtzebuerg an iwwer Lëtzebuerg eraus mat Daten, déi zu Lëtzebuerg an iwwer Lëtzebuerg eraus gesammelt goufen. Besonnesch de Wirtschaftsministère schéngt ze hoffen, datt sech Clienten an de Beräicher Mobilitéit, Logistik, Weltraum a Landwirtschaft fannen. De Projet, deen elo op d'Been gesat gouf an deen och Date vum Health Data Hub soll integréieren, werft eng Rëtsch Froen op:

1. D'PNED-Plattform selwer soll, laut Press (Paperjam vum 24. August), op legal Zwäng oppassen. Allerdéngs sinn d'Technologien, déi aus der Verknäppung vu villen ënnerschiddlechen Datebanken an Datamining-Software, entstane sinn, esou performant, datt Anonymitéit nëmmen nach e vage Begrëff ass an aus manner sensibelen Donnéeën, déi online ze fanne sinn, haut schonn individualiséiert Bréiwer kënne gezu ginn. Wéi gesäit d'Regierung hei d'Gefor vum gliesene Bierger op Grond vun a priori vertrauleche Regierungsinformatiounen?
2. Ass bei der Komplexitéit vun der Technologie an de quasi onendleche Recherche- an Data-Mining-Méiglechkeeten iwwerhaapt eng juristesch Garantie méiglech, datt dem Bierger seng Privatsphär onverletzt bleift?
3. Ass beim Zougrëff op ënnerschiddlech Regierungs-Datebanken iwwerhaapt drun ze denken, datt dës Donnéeë kéinten anonym bleiwen, wa wierklech intensiv gekuckt gëtt?
4. Wär et an deem Moment net opportun, all Lëtzebuerger Resident verschidden Optiounen ze offréieren, an zwar
    - en totalen Opt-Out aus deem ganze Projet,
    - e partiellen Opt-Out aus eenzelen Datebanken (oder eng gezilt Erlabnis, wat fir Donnéeën de PNED däerf notzen)
    - d'Méiglechkeet zu all Moment einfach an transparent ze verlaangen, datt Donnéeën, déi sech op déi eege Persoun bezéien an am PNED genotzt goufen, musse geläscht ginn.

5. Vu datt déi mannste Leit sech eng Virstellung dervu kënne maachen, wat fir aussergewéinlech Recherchefäegkeete modern Computer-Technologie duerch d'Verknäppung vun Datebanken huet, ass dru geduecht ginn, de Bierger esouwuel ëffentlech wéi individuell iwwert de Projet do ze informéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten